# „MÉISPROOCHEGKEET FËRDEREN!“

## FIR DATT D’KANNER HAUT SCHONN DÉI SPROOCHEN HÉIEREN, DÉI SE MAR SCHWÄTZEN



snj
Service National de la Jeunesse

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse

Service de coordination de la recherche et de l’innovation pédagogiques et technologiques

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse

# D'MÉISPROOCHEG ERZÉIUNG VU KLENGE KANNER ZU LËTZEBUERG

## MÉISPROOCHEGKEET ESOU FRÉI WÉI MÉIGLECH ËNNERSTËTZEN

Wann d'Kanner nach ganz kleng sinn, léiere si spilles nei Sproochen, op eng intuitiv an natierlech Manéier. Si entwéckelen esou och méi eng grouss Liichtegkeet, Sproochen am Allgemengen ze léieren, wouvu si e Liewe laang wäerte profitéieren.

Fir dës formidabel Chance ze notzen, lancéiert d'Regierung e Programm fir eng méisproocheg Erzéiung[1] fir Kanner vun 1 bis 4 Joer. Vu September 2017 u këmmert sech all Crèche a Kannerbetreiungsstruktur, déi dem Chèque-service-accueil-System (CSA) ugeschloss ass, ëm de Kanner hir sproochlech Entwécklung. Mat de Kanner gëtt lëtzebuergesch a franséisch geschwat; qualifizéiert a speziell ausgebilten Erzéier féiere si spilleresch un déi zwou Sproochen erun, woubäi si dem Alter an den individuelle Besoine vun deene ganz Klenge Rechnung droen – am Spill, mat Spréchelcher, am alldeeglече Liewen.

All d'Kanner profitéieren heivun, onofhängeg vun der Sprooch, déi si doheem schwätzen. Wann si scho ganz fréi an hirem Liewe mam Lëtzebuergeschen a Franséische konfrontéiert ginn, hu si méi Geleeënheeten a méi Zäit, Spaass drun z'entwéckelen, zwou Sproochen ze verstoen a sech an zwou Sprooche kënnen auszedrécken, an dat schonn ier se an d'Grondschoul kommen.

Kanner, déi lëtzebuergesch kënnen, integréieren sech besser an der lëtzebuergescher Gesellschaft a gi besser eens mat der Alphabetiséierung an der däitscher Sprooch an der Grondschoul. De fréie Kontakt mam Franséische verschaaft de Kanner méi en natierlechen, entspaanten Zougang zu där Sprooch. Wat se besser op eis Gesellschaft an d'Lëtzebuerger Schoul virbereet sinn, wat hir Chancen op Erfolleg méi grouss sinn.

D'Sproochen, déi doheem geschwat ginn, ginn net vernoléissegt. An allen Erzéiungs- a Betreiungsstrukture ginn d'Kanner encouragéiert, sech an hirer Mammesprooch auszedrécken. Dëst ass eng wichteg Viraussetzung fir d'Entwécklung vun hirer Identitéit an hire sproochleche Kapazitéiten.

1. Wat de Gebrauch vun den Termen „Méisproochegkeet" an „Villsproochegkeet" betrëfft, bezéie mir eis op d'Definitioune vum Europarot, wou Méisproochegkeet de Gebrauch vu méi Sprooche vun eng an därselwechter Persoun bezeechent, a „Villsproochegkeet" d'Koexistenz vu méi Sproochen an eng an därselwechter Gesellschaft.

## D'MÉISPROOCHEG ERZÉIUNG AN DEN ERZÉIUNGS- A BETREIUNGSSTRUKTUREN

D'Gesetz vum **24. Abrëll 2016** mat der Ännerung vum Gesetz iwwer d'Jugend definéiert déi pädagogesch Qualitéitskriterie fir all d'CSA-Strukturen. Eent vun den Haaptelementer ass hei den nationale Referenzkader „Education non formelle des enfants et des jeunes" (nonformal Bildung vu Kanner a Jugendlechen), deen déi allgemeng Zilsetzungen an déi pädagogesch Grondprinzipie beschreift, op deene sech d'Aarbecht vun den Erzéiungs- a Betreiungsstrukture fir Kanner (SEA) baséiert. [2]

2. Mat Erzéiungs- a Betreiungsstrukture fir Kanner (Service d'éducation et d'accueil pour enfants – SEA) sinn all Crèchen, Maison-relaisen an Dagesfoyere gemengt.

De Referenzkader gëtt d'Richtlinnen u fir d'**Entwécklung vun de Sproochkompetenze** vun de Kanner. Virgesinn ass:

- e Kader, an deem Relatiounen, Situatiounen an Interaktiounen entstinn, déi d'Sproochentwécklung vun de klenge Kanner ënnerstëtzen;
- e Spill- a Léierëmfeld, dat d'sproochlech Kompetenze férdert;
- d'Unerkennung an d'Fërderung vun de Sproochen, déi d'Kanner doheem schwätzen;
- Oppenheet géintiwwer anere Sprooche mat hirem jeeweilege kulturelle Kontext, vu klengem un.



Ausserdeem huet d'Regierung viru kuerzem eng **Virlag fir e Gesetz** (7064) agereecht, wou et ëm d'Fërderung vun der **méisproocheger Erzéiung vu klenge Kanner** geet. D'Zil vum Gesetz ass, virun allem d'Sproochentwécklung ze fërderen, eng fréi Familiariséierung vun de Kanner mat der lëtzebuergescher an der franséischer Sprooch op Basis vun enger individualiséierter Approche ze erreechen, déi kommunikativ Kompetenze vun de klenge Kanner ze entwéckelen a si bei hirer Integratioun op lokalem Niveau an déi méisproocheg a multikulturell Gesellschaft vum Land ze ënnerstëtzen, wat hinnen och spéider an der Lëtzebuerger Grondschoul zegutt kënnt.
Dës Gesetzesvirlag ëmfaasst verschidden Elementer:

- **Eng méisproocheg Erzéiung:** D'Servicer proposéieren eng méisproocheg Erzéiung, déi deenen uewe genannten Ziler gerecht soll ginn.
- **Den Zougang zu dëser Offer:** Den Zougang zu den Erzéiungs- a Betreiungsstrukture soll méi einfach ginn. Fir Kanner vun 1 bis 4 Joer iwwerhëlt de Staat d'Käschte vu bis zu 20 Wochestonnen an deene Strukturen, déi di vum Gesetz virgeschriwwe Bedingungen erfëllen.[3]

3. Fir déi Kanner, déi am Precoce ageschriwwe sinn, hänkt d'Zuel vun de Gratisstonne vun der Zuel vun de Stonnen of, déi d'Kand am Precoce verbréngt.

- **Kohärent Approche:** Fir datt dat Ganzt fonctionnéiert, muss déi méisproocheg Erzéiung konsequent a kohärent duerchgefouert ginn. All Erzéiungs- a Betreiungsstruktur muss e Konzept virleeën, wéi déi méisproocheg Erzéiung am Alldag vun der Struktur soll ausgesinn.
- **Pädagogesche Referent:** Déi méisproocheg Erzéiung baséiert net op engem starre System; si muss kontinuéierlech ugepasst ginn. All Erzéiungs- a Betreiungsstruktur muss eng pädagogesch Kontaktpersoun nennen, déi d'Ëmsetzung koordinéiert. De Referent gëtt a spezielle Formatiounen op dës Aufgab virbereet.
- **Sproochekenntnisser vum Bertreiungspersonal:** Fir datt d'Kanner d'Sprooche léieren, mussen déi Leit, déi si betreien, dës Sproochen och selwer beherrschen. All Erzéiungs- a Betreiungsstruktur muss derfir suergen, datt déi zwou Sproochen, ëm déi et an der méisproocheger Erzéiung geet, also Lëtzebuergesch a Franséisch, an dëse Strukturen op engem héijen Niveau geschwat ginn **(Niveau C1 vum europäesche Referenzkader fir Sproochen)**.
- **Weiderbildung:** Den Erfolleg vun der méisproocheger Erzéiung hänkt enk mat der Astellung an der Qualifikatioun vum Personal vun de Strukturen zesummen. Wann d'Gesetz bis a Kraaft ass, muss jiddwer Betreier an dëse Strukture reegelméisseg u Weiderbildungen deelhuelen zum Thema Sproochentwécklung bei klenge Kanner.

# PÄDAGOGESCH ASPEKTER

Wëssenschaftlech Studien hunn erginn, datt kleng Kanner an der Lag sinn, op eng natierlech an intuitiv Manéier méi Sprooche beieneen ze léieren. Iwwer dës reng sproochlech Kompetenzen eraus entwéckelen d'Kanner duerch d'Méisproochegkeet – wa fir gënschteg Bedingunge gesuergt gëtt – och kognitiv a sozial Kompetenzen an net ze vergiessen och d'Loscht ze kommunizéieren a sech auszedrécken.
Dës gënschteg Bedingunge sinn ofhängeg vun der Ausbildung an der Astellung vun de Betreier, déi de Kanner e villfältegen a flotten Ëmgang mat deene respektive Sprooche musse kënnen ubidden.

## D'BASIS VUN ENGER MÉISPROOCHEGER ERZÉIUNG

D'Léiere vun enger Sprooch hänkt beim Kand enk mat senger sozialer, emotionaler, motorescher a kognitiver Entwécklung zesummen. D'Kand entwéckelt sproochlech Kompetenzen am Ëmgang mat deenen aneren, a Situatiounen an Interaktiounen, déi him wichteg sinn.
E Kand, dat mat méi Sproochen opwiisst, léiert d'Sproochen op déi nämmlecht Aart a Weis wéi e Kand, dat nëmme mat enger Sprooch opwiisst.
De Léierprozess variéiert vu Kand zu Kand. En ass ofhängeg dovun, wéi vill a wéi ee Kontakt d'Kand mat de Sproochen huet a wéi eng emotional Bedeitung d'Sprooche fir d'Kand hunn.
Andeems d'Méisproochegkeet valoriséiert gëtt, mécht een d'Kand virwëtzeg op déi sproochlech Villfalt an et encouragéiert een et zu méi Oppenheet.

## DÉI MÉISPROOCHEG ERZÉIUNG AM ALLDAG

Déi méisproocheg Erzéiung ka wéi selbstverständlech geschéien, während den alldéiglechen Aktivitéiten an de Betreiungs- an Erzéiungsstrukturen, andeems vun optimale Kommunikatiounssituatioune profitéiert gëtt. Dir fannt hei ënnendrënner e puer Beispiller dofir. D'Betreier befaassen sech an der obligatorescher Weiderbildung méi intensiv domat.

**Verbaliséierung:** De Betreier erkläert, wat ee grad oder geschwë mécht an och, wat d'Kand am Gaang ass ze maachen, z.B.: *„Ech ginn der elo de Ball sichen. Wat e schéint Laachen! Ech gesinn, datt s de frou bass."*
**D'Aart a Weis, wéi ee schwätzt:** Natierlech, däitlech a korrekt schwätzen, mat engem normalen Tempo, esou haart oder lues, wéi d'Situatioun et erfuerdert, a mat Gesten, déi dat Gesotent ënnersträichen. Dobäi soll een d'Kand ukucken a sech op seng Héicht beginn.
**Presentatioun:** Strukturen, déi solle geléiert ginn, sollen esou dacks wéi méiglech widderholl ginn, fir datt d'Kand Zäit huet, se ze integréieren. Z.B.: *„De Petzi läit um Dësch. Deng Mutz läit op der Bänk."*

**Erweiderung:** Dem Kand seng Aussoe ginn erëm opgeholl an, wa méiglech, erweidert. Z.B.: Marc: *„Hond billt.“* Educateur: *„Jo, den Hond billt haart. E wëll d'Kaz verjoen.“*
**Korrektive Feedback:** D'Kand net explizit verbesseren oder et op e Feeler opmierksam maachen, ma säi Saz ophuelen, mat der richteger Formuléierung, an d'Gespréich fortsetzen. Z.B.: Ana: *„Ech mech heeschen Ana.“* Educateur: *„Moien Ana. Ech heeschen Eric. Wéi geet et der?“*
**Sproochlech Toleranz:** Dat, wat d'Kand a senger Sprooch seet, unhuelen an et an der Zilsprooch erëm ophuelen. Z.B.: Pedro: *„Agua.“* Educatrice: *„Häss de gär Waasser? Hei hues de e Becher Waasser.“*
**Oppe Froen:** Op d'Theme vum Kand agoen, him Froe stellen, sou datt et dozou bruecht gëtt, weiderzeschwätzen. Z.B.: *„A wat ass da geschitt?“ „Wat gefält dir an dëser Geschicht?“*
**De Kanner Geleeënheet ginn, mateneen ze schwätzen:** De sproochlechen Austausch stimuléieren. Z.B.: Mara: *„Roude Camion.“* Educatrice: *„Wëlls de mat deem roude Camion spillen? Fro emol den Tom, ob hien der e gëtt.“*
**Interesséiert nolauschteren, Zäit loossen:** Empfänglech si fir dat, wat d'Kand erzielt. Opmierksam an interesséiert nolauschteren, Froe stellen, d'Kand opfuerderen, weiderzeschwätzen an him Zäit loossen, fir sech ze äusseren.
**Metasproochlech Kenntnisser stimuléieren:** Mat de Kanner iwwer d'Sprooche schwätzen, hiren Interessi stëppelen, andeems een se encouragéiert, mat der Sprooch ze spillen. Dobäi kann een si op verschidde Mierkmoler vun de Wierder hiweisen.
Z.B.: **Spréchelcher, déi reimen; kuerz a laang Wierder; Ënnerscheeder tëschent de Sproochen.**
**D'Schrëftsprooch méi no bréngen:** D'Kanner éischt Erfarunge mat der geschriwwener Sprooch maache loossen, andeems ee mat Bicher schafft, hinne virliest a Geschichten erzielt, de Kanner Biller weist a si doraus eng Geschicht maache léisst.
**D'Sprooch baussent dem Kontext:** D'Sprooch och benotzen, fir vun der Vergaangenheet ze schwätzen, vu Géigestänn, déi net präsent sinn, oder vun zukünftege Projeten, fir de Kanner hir Fäegkeet, d'Sprooch fir Situatioune baussent dem Kontext, an deem se sinn, ze gebrauchen. Z.B.: *„Kanns du mir däin Zëmmer doheem beschreiwen?“*

# D'MÉISPROOCHEG ERZÉIUNG AN ENGEM MÉI BREEDE KONTEXT

## D'MAMMESPROOCHE VALORISÉIEREN

D'Valoriséierung vun de Sproochen, déi bei de Kanner doheem geschwat ginn, spillt eng wichteg Roll an der sozio-emotionaler Entwécklung vum Kand an dem Opbau vu senger Identitéit. D'Eltere ginn opgefuerdert, der Crèche Schlësselwierder, de Kanner hir Liiblingsbicher, -reimen a –lidder matzedeelen. Den Elteren hir aktiv Mataarbecht ass wëllkomm an den Erzéiungs- a Betreiungsstrukturen. Gläichzäiteg proposéieren d'Betreiungsstrukturen Aktivitéiten, déi de Kanner hire Virwëtz an hiren Intressi u Sproochen am Allgemenge stëppelen, a fërderen esou Oppenheet an Toleranz.

## D'GRONDLAGE SCHAFE FIR EN DUUSSEN IWWERGANK AN DE SCHOULSYSTEM …

D'Familiariséierung mam Lëtzebuergeschen a Franséischen ass eng gutt Virbereedung op d'Schoul, wou dës zwou Sprooche benotzt ginn. Déi Kanner, deenen hir Mammesprooch net Lëtzebuergesch ass, hunn esou méi Zäit, Lëtzebuergesch ze léieren. Dat verschaaft hinnen och eng zolidd Basis, wa se am Cycle 2 Däitsch musse léieren. Parallel dozou vermëttelt e spillereschen Ëmgang mat der franséischer Sprooch deene Kanner, déi doheem kee Franséisch schwätzen, méi en entspaanten Zougang zu dëser Sprooch.

## … OUNI ENG „MINI-SCHOUL" ZE GINN

D'Kanner ginn an den Erzéiungs- a Betreiungsstrukturen op eng spilleresch Aart a Weis un d'Lëtzebuergescht an d'Franséischt erugefouert, woubäi dem Alter vun de Kanner an de Methoden a Prinzipie vun der nonformaler Erzéiung Rechnung gedroe gëtt. Dat geschitt bei geziilte sproochlechen Aktivitéiten (Geschichten erzielen, …), ma och an den Alldagssituatiounen (beim Iessen, Spadséieregoen, Spillen, ...). D'Zil ass, d'Kanner mat dësen zwou Sprooche vertraut ze maachen, ouni awer Ziler a Form vu Kompetenzen, déi mussen entwéckelt ginn, ze definéieren oder tatsächlech entwéckelt Kompetenzen ze evaluéieren.

# ËMSETZUNG VUN DER MÉISPROOCHGER ERZÉIUNG

Vu Mäerz bis Dezember 2016 huet de Service fir d'Koordinéierung vun der pädagogescher an technologescher Fuerschung an Innovatioun (Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques - SCRIPT) déi praktesch Ëmsetzung vun der méisproocheger Erzéiung an aacht fir Lëtzebuerg repräsentative Crèchë mat ënnerschiddlechem Profil begleet. Déi gewonnen Erkenntnisser gi verëffentlecht an 2017 op enger Konferenz fir Vertrieder vun deene Beruffer, déi mat klenge Kanner schaffen, virgestallt.

D'Erzéiungs- a Betreiungsstrukture gi bei der Ëmsetzung vun de Konzepter vun der méisproocheger Erzéiung ënnerstëtzt: Si ginn iwwer beispillhaft Praktiken informéiert, kréie pädagogesch Ënnerlagen an et gi Konferenzen a fachspezifesch Formatiounen organiséiert.

Um Site www.enfancejeunesse.lu gëtt eng Spezialsäit ageriicht, mat Beschreiwunge vu Praktiken, déi sech bewäert hunn, Fachartikelen an enger Bibliographie.



- **Verstäerkten Zesummenaarbecht mat den Elteren:** D'Valoriséierung vun de Sproochen, déi doheem geschwat ginn, spillt eng zentral Roll an der sozio-emotionaler Entwécklung vum Kand an dem Opbau vu senger Identitéit. Déi aktiv Mataarbecht vun den Elteren ass Deel vum Konzept, dat all SEA fir d'Ëmsetzung ausschafft.
- **Vernetzung:** Fir déi sproochlech an och generell Entwécklung vum Kand spillt d'Kohärenz an d'Gestaltung vun den Iwwergäng tëscht de verschiddene Liewensberäicher eng wichteg Roll. Duerfir muss dat pädagogescht Konzept vun den Erzéiungs- a Betreiungsstrukture Bestëmmungen zur Integratioun an dat kulturellt, soziaalt a schoulescht (Crèche, Grondschoul, Hëllefsstrukturen, …) Netz vun de Kanner hirem direkten Ëmfeld enthalen.
- **Extern Qualitéitsiwwerwaachung:** Regional Mataarbechter vum Service National de la Jeunesse begleeden an evaluéieren d'Duerchféierung vun de Qualitéitsbestëmmungen a vum Programm vun der méisproocheger Erzéiung.

Wann d'Gesetz bis a Kraaft getrueden ass, gëllen dës Bestëmmungen no enger Iwwergangszäit fir all d'CSA-Erzéiungs- a Betreiungsstrukturen, déi Kanner vun 1 bis 4 Joer betreien.



# PRAKTESCH INFORMATIOUNEN

Konzept vun der méisproocheger Erzéiung: www.enfancejeunesse.lu/fr/education-plurilingue

Referenzkader: www.enfancejeunesse.lu/fr/pratique-educative

Kannerbetreiung (Chèque-service accueil): www.cheque-service.lu

Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse : www.men.public.lu



**Impressum / Éditeur:** Service national de la jeunesse
du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
**Conception graphique:** accentaigu.lu / **Année de publication:** 2017
**ISBN** 978-99959-831-4-7